


Chrëschtdag steet erëm séier virun der Dier. Du denks bestëmmt u Käerzen, Stäeren, Kadoë kafen a Famillje-feier! Jo… mee zum Schluss vum éischten Trimester bass de vläicht gestresst a midd. Wéi wier et, wanns du dir géifs am Ufank vun der Vakanz Zäit huelen, fir an Chrëschtdagsstëmmung ze kommen an aner Schüler vu 7ᵉ géifs kenneléieren ? Dann invitéiere mir dech op de sougenannten « **7es-Week-End** ».

An enger **flotter Ambiance** erliewe mer 2 Deeg mat Gespréicher, kreativen Elementer, flotten Aktivitéiten, Spiller a Lidder, Momenter vu Rou… Dëse Week-End gouf virbereet vun enger **Equipe mat Schülerinnen vun den ieweschte Klassen**. Mir verspriechen **2 Deeg voll Freed a Spaass**.

Mir fuere mam Bus op **Clairefontaine** (nierwt Arel).
**De Rendez-vous ass um 13h30 am Schoulhaff bei der Porte B, Donneschdeg, de 20. Dezember 2018**.
Mir sinn zréck an der Stad op der Place de Paris, e Freideg, de 21. Dezember 2018, um **16h**.

De Präis vum Week-End ass **35 €** (Bus an Onkäschte fir Bastelmaterial mat abegraff). Wann dat fir e Schüler sollt ze deier sinn, brauch hien et nëmmen bei sengem Reliounsprofesser ze soen.

Dir braucht e Schlofsak, är perséinlech Saachen, waarm Kleeder, fest Schong,
Pabeier fir ze schreiwen, Faarwen, Schéier a Pritt.

Fir de Week-End kënne besser virzebereeden, wiere mir frou, wann dir äis dësen Talon géift **bis freides**, **den 23. November 2018** am Sekretariat **bei der Madame Schaus** ofginn, an enger Enveloppe, mam Numm drop a mat de Suen dran.

*D'Fotoen vun eisem läschten 7es-Week-End fënns de op Facebook oder mat dësem QR-Code.*

Mir freeën äis op iech!
E. Fröhlinger, P. Schartz, M. Schmit, R. Weickmans

---

Ech ______________________ ______________________ __________
Numm Virnumm Klass

Melle mech u fir de 7es-Week-End zu Clairefontaine vum 20.12.2018 bis de 21.12.2018.
Mir, Elteren/Tuteur(s), erlaben eisem Meedche/eisem Jong matzegoen.

Telefonsnummer vun den Elteren/Tuteur(s): ______________________

☐ Ech si Vegetarier/-in an iesse kee Fleesch. ☐ Ech hu folgende Intoleranz: ………………………………………………

______________________________ ______________________________
Ënnerschréft vun den Elteren / Tuteur(s) Ënnerschréft vun der Schülerin / vum Schüler